Dépôt: CLEMENT Sven

Lëtzebuerg, den 14/07/2026

PL 8714

3

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- datt de Projet de Loi 8714 déi nei Annexe 1 zum Gesetz vum 26. Mäerz 1992 iwwer d'Ausübung an d'Opwäertung vu bestëmmte Gesondheetsberuffer méi Rechtssécherheet bréngt fir eng ganz Rei vun Aktivitéiten, déi d'Infirmieren an Infirmièren am Alldag scho leeschten;
- datt eng Rei vun Avisen, ënnert anerem vun der ANIL, vum CSCPS, vum Collège médical an der Chambre des salariés, kritiséieren, datt de Projet virun allem eng Restrukturéierung a Systematiséierung vum existéierende Kader duerstellt, ouni eng wierklech Revalorisatioun vum Beruff mat sech ze bréngen;
- datt d'Konzept vun der "prescription infirmière" – also der Méiglechkeet fir Infirmieren, ënnert kloer definéierte Konditiounen, eng limitéiert Unzuel u Produiten (notamment an der Vente-libre-Kategorie) selwer ze verschreiwen – am Text net opgeholl gouf, obwuel dëst vu verschiddenen Avisen ausdrécklech gefrot gouf;
- datt d'Konzept vun de "pratiques avancées infirmières" (eng erweidert Autonomie fir Infirmiere mat enger spezialiséierter, akademescher Formatioun, notamment am Beräich vum Suivie vu chronesche Krankheeten) a ville Länner säit Joerzéngte gängeg Praxis ass, am Projet de Loi 8714 awer net ugeschwat gëtt, sou wéi de Collège médical a sengem Avis selwer bedauert;
- datt d'Notioun vum "rôle du circulant" am Block-Operatoire (Punkt 6.7 vun der neier Annexe) an hirer aktueller Formuléierung net definéiert ass, wat, laut dem Avis vun der ALATMC, zu enger Rechtsonsécherheet an engem Risiko vu Glissement de tâches féiere kann;
- datt d'Annexe 1 zanter hirer Aféierung 2023 kaum ugepasst gouf, an datt eng méi séier Upassung

un d'medezinesch a berufflech Realitéit néideg ass, fir zukünfteg net erëm iwwer Joren an de Kompetenzen hannendrun ze bleiwen.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. eng legal Basis fir eng "prescription infirmière" ze schafen, déi et Infirmieren erlaabt, ënnert kloer definéierte Konditiounen a fir eng limitéiert Lëscht u Produiten, autonom ze verschreiwe;
2. d'Konzept vun de "pratiques avancées infirmières" am Sënn vum internationale Standard ze préiwen an anzeféieren, mat enger entspriechender akademescher Formatioun a kloer definéierte Kompetenzberäicher;
3. d'Notioun vum "rôle du circulant" am Punkt 6.7 vun der Annexe 1 präzis ze definéieren, an dëst a Konzertatioun mat de concernéierte Beruffer (Infirmieren an Assistants Techniques Médicaux), fir Rechtssécherheet a kloer Kompetenzofgrenzung ze garantéieren;
4. d'Annexe 1 vum Gesetz vum 26. Mäerz 1992 an Zukunft reegelméisseg op hir Aktualitéit hin ze iwwerpréiwen an, wann néideg, un d'Evolutioun vun der medezinescher a berufflecher Realitéit unzepassen, ouni datt et erëm Joerzéngte brauch bis zu enger nächster Reform.

Sven CLEMENT